



Groupe parlementaire

N°7607
Entrée le 16.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.02.2023

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Den 23. Januar hu bal all Parteien e Walkampfokkommes ënnerschriwwen, dat e faire Mateneen souwuel fir d'Gemenge- wéi och fir d'Chamberswale virgesäit. Esou wéi et mir zougedroe gouf schéngt et awer sou ze sinn, datt verschidde Gemengen hir Autonomie esou interpretéieren a benotzen datt si fir Parteien, déi Lokalitéiten vun der Gemeng benotze wëllen, ënnerschiddlech Tariffer fixéieren, je no dem ob déi betrafte Partei am respektive Gemengerot vertrueden ass oder net.

Am Hibleck op potenziell Walkampfveranstaltungen géif sech hei d'Gefor téschent engem Interessekonflikt vun der Gemengenautonomie an der Chancëgläichheet vu sämtleche Parteien erginn.

An dem Zesummenhang géif ech der Madamm Banneminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi ass d'Positioun vun der Regierung an där Fro? Géing déi politesch Fairness et net verlaangen, datt d'Gemengen all politesch Parteien déi sech un de Wale bedeelege wëllen, d'selwecht behandelen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten



Gemeinsam Äntwert vun der Inneministesch, Taina Bofferding, a vum Premier- a Staatsminister, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°7607 vum Här Deputéierte Jeff Engelen zum Sujet «Tarifs de location de salle dans le cadre de la campagne électorale»

Den Deputéierten informéiert sech iwwert d'Tariffer fir d'Locatioun vu Gemengesäll, notamment fir Evenementer, déi d'Parteien am Kader vun de Walcampagnë virun de Gemengen- a Chamberwalen organiséieren a wou et, laut Ausso vum Deputéierten, verschidden Tariffer solle ginn, jee nodeem ob eng Partei am Gemengerot vertrauden ass oder net.

Mir hu bis elo keng Kenntnis vu Gemengereglementer, déi sou eng Tarifkatioun agefouert sollen hunn. D'Fixatioun vu verschiddene Locatiounstariffer fir Gemengegebaier a Fonctioun vun der Representatioun vun enger Partei am Gemengerot ass eng ongläich Behandlung, déi net de Kritäre vun der Jurisprudenz vun der Cour constitutionnelle entsprécht: *“procéder d'une disparité objective, être rationnellement justifiée, adéquate et proportionnée à son but”*. Sou ënnerschiddlech Tariffer sinn also net konform zum Gläichheetsprinzip virum Gesetz a ginn och net vun der Inneministesch approvéiert.

Et ginn awer Gemengen déi eng ënnerschiddlech Tarifkatioun fir d'Locatioun vu Gemengesäll applizéieren, an dobäi den Ënnerscheid maachen, ob et sech ëm eng lokal oder eng net lokal Vereenegung handelt. Deen Ënnerscheid berout op der Distinctioun tëschent lokalen an net lokale Steierzueler.

Lëtzebuerg, den 10/03/2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding